

Léif Frënn,
Léif Symphatisanten,
Léif Kollegen,

Selten hu mäer als Mouvement esou Zousproch kritt, wéi och elo an der Lescht wou mäer déi Fro vum Wuesstem nach méi wéi soss an de Fokus gestallt hunn.

Dat huet sécherlech eng ganz Rei Grënn:

- D'Begrenztheit vun de natierleche Ressourcen a vun de Capacitéite vum Planéit si Käerthème schlechthin vun der ekologescher Bewegung. Dat desto méi zu Zäiten, wou de Klimawandel evidenterweis schonn do ass, d'Ressourcen dramatesch ofhuelen, d'Diversitéit wéi nach ni bedrot ass... Et ass einfach net ze verstoen, datt grouss Deeler vun der Politik nach ëmmer maache, wéi wann de Mënsch d'Naturgesetzter kéint änneren, awer d'Wirtschaftsgesetzter an de Bëtong gegoss an onverännerbar wäeren.
- Et geet derbäi dann awer och ëm Gerechtegkeet. Gerechtegkeet tëscht aarm a räich. Datt grad e finanziell räich Land wéi Lëtzebuerg mëscht, wéi wa mäer bei diene begrenzte natierleche Ressourcen awer en Urecht op weidere Wuesstem hätten, ass e Schlag an d'Gesicht par Rapport zu all diene Mënschen op der Welt, wou effektiv nach Urecht op e Stéck vum Kuch vum materielle Wuesstem hunn! Neen, et ass sécher net eis wou de Wuesstem prioritär zousteet.
- Et geet awer och drëm e realistesch Bléck op d'Konsequenze vum Wuesstem an de räiche Länner wie eisem ze geheien. Scho laang geet d'These net méi op, datt Wuesstem d'Basis vu sozialer Gerechtegkeet ass. Sozial Gerechtegkeet brauch aner politesch Prioritéiten a net méi Wuesstem. Par Conter steet ouni Zweiwel fest, datt Wuesstem seng vermeintlech Virdeeler selwer opfresst: Land- a Ressourceverbrauch, Mobilitéitsproblemer, Zersiedlung an souguer Gesondheetsproblemer a Stress ... fir nëmmen déi ze nennen.
- Wa mäer eise Gesellschaftsmodell weiderhin drop opbauen, datt mäer ëmmer méi Aarbechtsplaze brauche fir eise Sozialsystem ze finanzéieren, wou feiert dat hinn? Am Dokument zu der Landesplanung wou dës Woch an der Chamber virgestallt ginn ass steet, datt mäer am Joer 2060 vläit 636.000 Aarbechtsplaze am Land hunn an eis duerfir opstelle müssen! Dat wäeren 40% méi wie haut. Kann ee sech dat virstellen? An dann 2080 nach méi? Do si mäer dach an enger Spiral dran déi net opgoe kann. An et wäert dann un eise Kanner sinn aus där Nummer erauszekommen.
- An e besonnescht wichtegt läscht Argument: Thema gutt liewen. Gëschter war jo anscheinend de weltwäite Glécksdag. Ma déi Fuerschung seet kloer, datt a Länner wou gutt sozial Netzwierker sinn, eng gutt Bedeelegungskultur vun de Leit um gesellschaftleche Liewen, gutt Aarbechtsbedingungen, sozial Gläichheet, attraktiv

Liewesëmfeldbedingungen... datt dat d'Faktore sinn, wou Wuelbefanne bestëmmen. Net den ëmmer klammende Räichtum. Mäer wëssen et all...

Duerfir: Mäer bleiwen derbäi: Onendleche Wuesstem - och oder vläit grad zu Lëtzebuerg - ass a) net realistesch b) ekologesch net verrietbar c) wär net gerecht par Rapport zu finanziell méi aarme Leit op dëser Welt d) fressst seng vermeintlech Virdeeler ëmmer méi op an e) mescht net mei frou a glécklech. Den onendleche Wuesstem ass eng Illusioun. Punkt!

A wa Politiker eis soen, datt si de Wuesstem net steiere kënnen: da sinn si eigentlech falsch op hirer Plaz! Secherlech: nach weess kee genau wou d'Rees higeet wa mäer eise System ëmstellen. Ma et muss een awer bereet sinn, d'Fakten unzuerkennen an duerfir d'Rees unzedenken an unzegoen.

Wann d'Politik den Usproch opgëtt ze gestalten an also och de Wuesstem ze steieren, dann erkläert si sech jo awer selwer an engem zentrale Politikberäich fir iwuerflësseg. Mäer wëlle Politiker déi gestalten, a net Entwécklungen als alternativlos an iwuerhaapt net beaflossbar duerstellen! Mäer wäerten dat ëmmer méi haart soen. A mäer erwaarden eis vun dëser Regierung ganz kloer eng Debatt wéi eist Land ka nei opgestallt ginn, wéi e Gesellschafts- a Wirtschaftsmodell kann ausgesin ouni diem Wuesstemsdogma nozefafen.

A mäer soen dat souguer nach desto méi huert, wëll eis zur Zäit en aneren Dossier vun immenser Tragweid als vermeintlech grad esou alternativlos verkaaft gëtt. En Dossier, wou wéi bei kéngem aneren eis a Joerzénge gewuessen an erschaffen demokratesch, sozial an ekologesch Werter a Fro gestallt ginn: ech schwätze vun de Fräihandelsverträgen EU-Kanada - dem CETA - an EU-Amerika - dem TTIP. An d'Liberaliséierungsdirektive vun de Servicer TISA gehéiert och nach derzou.

Dat wat do geplangt ass, huet esou gewaltig Ausmoossen, datt et evidenterweis vill Leit an och Deeler vun der Press scheinbar iwuerfuert. Ma et gräift an alles an, wat mäer bis elo kënnen. Well bei dësen Ofkommesse geet et net wierklech drëm, hei an do technesch Normen unzepassen oder administrativ Hürden ofzebauen. Wéi seet den Thilo Bode: „Für eine Angleichung technischer Standards bedarf es keinen völkerrechtlichen Vertrags“. Do ginn normal Ofkommesse'en tëscht Branchen duer, moderéiert duerch Politik a Behörden, esou wéi se och an der Vergaangenheet gemaach goufen.

An et geet och net wierklech drëm nei Aarbechtsplazen ze schafen. Et gëtt mëttlerweil ëmmer méi Etudé vun Unien, Fuerschungsinstituter déi soen, datt zeguer duerch d'Akraafttriede vun den Ofkommesse mat Aarbechtsplazverloschter ze rechnen wär. Wéi soll et och anescht sinn: Rationaliséierungen, Effizienzsteigerungen, Verlagerungsprozesser bréngen och Aarbechtsplazverloschter mat sech. An déi Branche wou vläit en Zouwuess ze erwaarden ass, si Beräicher wou et op Käschte vun de sougenannten Entwécklungslänner wäert goen, well mäer

et hinne nach méi schwéier maachen an eise Maart eranzeklammen. Am Gros vun dëse Länner géingen Aarbechtsplaze verluer goen.

Den Thilo Bode seet et esou: et geet ëm eng „marktkonforme Demokratie“, in der sich alles den Freiheits- und Gestaltungsansprüchen globaler Konzerne unterordnen soll.“ Lassgeléist dervun, datt d'Verhandlungsergebnisser vu CETA - wou jo virleien - kloer opweisen, datt effektiv eis Sozial- an Ëmweltstandard'en a Fro gestallt ginn an een deemno de Versprieche net gleewe kann, datt beim TTIP alles gutt goe wäert: Eis Standard'en sollen och agefruer ginn, de „stand still“ gëtt am Interessi vum Schutz vum Investor verankert. Well fir no dem Akraafttriede nach Normen ze verbesseren bräicht een engersäits d'Zoustëmmung vun allen 28 Memberlänner an Amerika. An andersäits däerften déi Normen Investitiounen net iwwerméisseg hemmen. Kennt Dir lech virstellen, datt da jee e Pestizid verbuede géif oder e Grenzwert verbessert? Virun allem och nach, well de Konzern soll d'Recht zougestane ginn, viru net demokratesch legitiméierten Instanzen - de Schiedsrichter - potentiell net gemaache Gewënn anzekloen? Enttegnung gëtt dat nach deelweis genannt, wann e Betrieb duerch Gesetzer kéng Chance op esou en vläit ze maachende Gewënn kritt. Stellt lech et fir!

D'Entscheidungsbefugnisser gi vu national gewielte Parlamenten bei Konzern verlagert.

D.h. CETA an TTIP sti genau fir dat wat mäer net wëllen! Entmuechtung vun eisen demokratesche Strukturen, a Fro stelle vu eise Grondwäerter.

Ma europawäit hu méttlerweil iwwert 1,5 Milliounen Leit géint CETA an TTIP ënnerschriwwen. An ech sinn hofreg, datt mäer als Mouvement ee vun de 7 Matbegrenner vun dëser europawäiter Aktioun sinn!

Mäer erwaarden de kloere Message vun alle Parteien, vun alle Parlamentarier, vun der Regierung: Neen zu CETA an TTIP, jo zu gewielte Parlamenten a Politiker an demokrateschen, sozialen an ekologesche Wäerter.

Ech wëll mat engem läschte Beispill ofschléissen, wat eigentlech och all dës Elementer am ganz konkrete vereinbart: Soziales, Sécherung vun eise Ressourcen, weltwäit Gerechtegkeet, Aarbechtsplazen.... De PDR, plan de développement rural.

Schonn de Numm ass net encouragant, an den Text nach manner. Technesch Zuelen, Fachtermini wou wuel déi allerwéinechst duerchblécken. Ma hannendru steet e Bild dervun wéi eng Landwirtschaft mäer wëllen. Ech soen et plakativ: Lëtzebuerger Mëllech fir Somalia, Fräihandel a Pestiziden, mathalen um Weltmuart oder mettelstänneg Betriber fir regional Produktioun vu Liewesmëttel? Hannert allem steet de Choix. Fir den Challenge hinzekréien muss eis Landwirtschaftspolitik endlech déi richteg Akzenter setzen! De Bauer däerf dobäi net alleng stoe gelooss ginn. Politik kann a muss déi richteg finanziell Ureizer ginn, och Betribsëmstellungen ënnerstëtzen, bewusst den Ofsatz vu lëtzebuerger Produiten och bei eis stäerken. Duerfir e kloere Message, och u verschidde Vertrieeder aus dem landwirtschaftleche Milieu: de Waasserschutz, d'Diversitéit, d'Kulturlandschaft, d'Produktioun vu gudde Liewesmëttel a virun allem och d'Landwirtschaft gewannen duerch e bewusste Choix fir eng regional

nohalteg, an och Bio Landwirtschaft. Gesellschaft a Landwirtschaft: statt Polemiken, wou alle schueden, komm mäer entwéckele gemeinsam Weeër an deem Sënn. Wëll, eng Umierkung um Rand, eigentlech missten d'Bauern an Emweltschützer a Konsumenten déi gréissten Alliierte sinn...

Ech hunn dat läscht Beispill bewosst a meng Ried erageholl, wëll et genau wéi déi zwee éischt opweist:

D'Debatt iwwert d'Entwécklung vun eiser Gesellschaft ass definitiv kéng technesch méi, et ass kéng iwwert Kommaen an engem Gesetz oder iwwert hei oder do kléng Detailer. Et ass kéng vu klénge Korrekturen: et geet ëm d'Essenz wéi mäer lieve wëllen a wéi eng Wäerter mer héich halen. **Wuesstem, wëll Globaliséierung mat alle Konsequenzen oder Primat op Regionaliséierung an enger demokratesch gestalter Globaliséierung just do wou se sënnvoll ass mam heichhaale vun deem wat ee „Gemeinwohl“ nennt.** Ech kéint nach vill aner Beispiller huelen, wou déi Grondsatzorientéierungen illustréieren: Mobilitéit: et geet net ëm en eenzelne Projet, et geet ëm eng kloer Prioritéitesetzung op den ÖT, déi dann och muss heeschen neen zum Ausbau vun der Diddeleng-Areler Autobunn an zum Bascharager Contournement, jo fir all Sou an den ëffentlechen Transport ze stiechen. Oder Energie: et geet net drëm, fir datt Lëtzebuerg wéi grad am Ablack erëm probéiert laanscht eng gutt Effizienzsteigerung ze kommen, wëll se kengem op de Schlips well trëppelen. Neen, et geet drëm, fir eng Energiewende an d'Wee ze leeden an eng komplett Ëmgestaltung vun der Energiepolitik: och do, fort vu grouse Gaskonzerner a Vergeudung, hin zu méi klénge Produktionsstrukturen an anere Wirtschafts- a Konsummodeller.

Wann et eis geléngt, déi technesch kléngend Dossieren esou duerzeleeën datt kloer gëtt, datt eis Gesellschaft virun dem aussergeweinleche Choix steet a wéi eng Richtung et soll weider goen, dann hu mäer vläit awer eng Chance. Eng Chance, eis Gesellschaft a Richtung Nohaltegkeet ze kréien, an och Härzer ze errechen...

An ech menge fir iech matzeschwätzen, et gëtt esou Zäiten, wou een erdréckt ass duerch all Konflikter op dëser Welt, och ausserhalb vum Beräich wou mäer eis als Mouvement engagéieren: Syrien, Ukrain, Lampedusa, Charlie Hebdo... fir just déi Stéchwieder ze nennen. Oder och duerch sozial Entwécklungen, Stress, Drock op der Schaff asw... Jo, do entsteet dach eng Grondsueg / Grondangsch, datt mäer op dësem Planéit „d'Kéier net mei kréien“ an ze viles an déi falsch Richtung geet.

Ma et gëtt och eng kloer motivéierend Äntwert drop: Grad elo! A grad elo! Well grad elo ass den Challenge virun deem mäer stinn nach ni esou augenscheinlech! An engem gewësse Sënn: d'Fronten – d'Optiounen si kloer.

Et lount sech fir eise Gesellschaftsmodell, eis Vuen, eis Wäerter anzetrieden! A méi wéi jee kloer ze maachen, datt eis Generatioun d'Responsabilitéit derfir huet!

Eng Zouspëtzung vu gesellschaftlechen Entwécklungen kann och eng gewëss Klärung mat sech bréngen..

An et stinn ëmmer méi Leit op. Wann e kuckt, dës Woch wuar jo den Initiator vun der Transitiontown-Bewegung zu Lëtzebuerg, gutt 250 Leit sinn hie lauschtere gangen. Och zu Lëtzebuerg ginn ëmmer méi

Netzwerker gebuer, déi sech net fir aner Gesellschaftsmodeller asetzen: Gemeinschaftsgäerd, tauschen am plaz kafen, Gemeinwohl am plaz Rivalitéit. A grad all déi Bewegungen, wéi och eis, weisen, datt et vill Kräften an der Gesellschaft gëtt wou vun ënnen erop antriede fir eng nohalteg Gesellschaft.

Fir aner Gesellschaftsmodeller brauche mäer déi Stréimungen, déi Wäerterdebatt, déi Hoffnungen op e wierklecht besser Liewen. A mäer brauchen e Paradigmewiessel: méi Bedeelegungskultur... an eng Politik déi Entwécklungen net als alternativlos gesäit ma hier Responsabilitéit zur Gestaltung voll a ganz iwwerhëllt.

Als Mouvement hu mäer eis natierlech och virgeholl, och selwer Akzenter an dem Beräich ze setzen: mäer müssen eis iwwerleeën eise Message nach besser ze formuléieren och fir méi e breede Krees vu Leit verständlech ze maachen, och fir di verschiddenst Bevölkerungsschichten. Eis offe maachen zu nach aneren Deeler vun der Gesellschaft. 2015 sollen och d'Jalonen fir d'Jugendarbecht verbessert ginn, den éirenamtlechen Engagement soll ausgebaut, méi lokal – regional ganz konkret Projeten ëmgesat ginn... Alles dat sinn Challenges, deenen och mäer eis stelle wëllen.

Ech wéilt meng Ried mat engem perséinlechen Ereliefnis ophalen: Ech hu mäer gësch Mëtten bei der schéiner Sonn eleng op enger Terrass vun engem Restaurant Gedanken iwwert dës Ried gemaach. An där kuerzer Zäit sinn 2 Leit wou an de Restaurant gaange sinn extra bei mech komm, fir mäer an eis fir eis Aarbecht ze félicitéieren an eis ze motivéieren, esou weider ze maachen. Dat op eng ganz bereierend a léif Aart a Weis. A soll ech lech soen: deen Zousproch fir eis Aarbecht deet gutt! Einfach well e weist: **Engagement lount sech, an e fënnt vläit nach vill mei Zoustëmmung wéi mäer all mengen.** An et heescht och wuel, datt ganz vill Leit bereed sinn eis Zukunft nei ze denken!

An deem Sënn: Grad elo! Et si spannenend Zäiten! Et lount sech matzemëschen. An ebe wéi de Mouvement ass : lieweg kritesch, engagéiert.

Merci fir Är Ennerstëtzung, Merci fir Ären Engagement, Merci datt dir hei sidd an op e gudde Kongress.